N°3750
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3750 vum 10. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Wéi héich waren zanter 2015 d'Réckbezuelungen un de Filmfong op Basis vun den uewe genanntenen legalen Dispositiounen a wéi verdeelen sech d'Réckbezuelungen?**
2. **Wéi héich ass de Prozentsaz vun den effektiv zeréckbezueltene Montanten am Verglach zum Gesamtmontant vun den zougesprachene Hëllefen (384,214 Milliounen Euro) an de leschten zéng Joer?**

Zanter 2025 chiffréieren d'Réckbezuelunge sech op 5.246.849 Euro. D'Verdeelung vun de Réckbezuelunge ass am annexéierten Tableau opgelëscht. De Montant vu 5.246.849 Euro gedeelt duerch de Gesamtmontant vun 384.214 Milliounen Euro ergëtt de Prozentsaz vun 1,366 %.

3. **Wéi verdeelen sech d'Réckbezuelungen, opgelëscht no Produktiounsfirma? Wéi verdeelen sech d'Réckbezuelungen, opgelëscht no Film?**

D'Réckbezuelungen, opgelëscht no Produktiounsfirma an no Projet, sinn am annexéierten Tableau ersiichtlech.

4. **A wéi ville Fäll huet de Filmfong ganz oder deelweis op e Remboursement verzicht?**

Zënter dem 15. Dezember 2022 verzicht de Filmfong op Réckbezuelunge bei Kuerzfilmer, well dës Wierker keng kommerziell Exploitatioun hunn.

5. **Bei wéi ville Projeten ass de Faktor tëschent 0,5 an 1,5 appliz éiert ginn, a no wéi enge Krittären gouf dëse Faktor festgeluecht?**

De Koeffizient vun deem den honorabelen Deputéierte schwätzt bestëmmt d'Vitesse vum Remboursement an net de Montant deen zeréckzebezuelen ass. Den accordéierte Montant ass komplett remboursabel mat Ausnam vun de Kuerzfilmer zënter dem 15. Dezember 2022 (cf. Äntwert op déi viregt Fro). De Remboursement fënnt *pari passu* op Basis vun de Recette statt, déi vum Wierk erwirtschaft ginn.

Bis de 15. Dezember 2022 gouf e Koeffizient vun 0,75 op all d'Projeten ugewandt. Zënter dësem Datum ass de Koeffizient prinzipiell op 1 festgeluecht. Allerdéngs gëllt e Koeffizient vun 0,75 fir Projete vun engem lëtzebuergesche Realisateur an e Koeffizient vun 1,25 wann d'Minimums garantis vun Distributeuren duerch Soficaen oder *gap equity* finanzéiert ginn.

6. **Wéi héich ass de Montant u kapitaliséierte Remboursementer, deen aktuell am Numm vun de Produktiounsfirmen verbucht ass an fir nei Projeten erëm agesat ka ginn? Kënnt de Minister dëse Montant pro Produktiounsfirma uginn?**

D'Montante sinn am annexéierten Tableau ersiichtlech.

7. **Wéi garantéiert de Minister, datt de kulturellen Volet net als Alibi mëssbraucht gëtt, fir den Artikel 9 net mussen unzewennen an deemno ausser Kraft ze setzen, woumadder d'Staatskeess ëm Milliounen Verloschter mécht?**

D'Äntwert op dës Fro verbleift déi selwecht wéi déi, déi dem honorabelen Deputéierten a senger Fro vum 13. Februar 2026 beäntwert gouf.

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill